Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 31. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Nodeems et zu engem Tëschefall am Eisebunnstunnel tëscht Wëlwerwolz a Kautebaach komm ass, stellt sech natierlech och d'Fro, wéi et mat der Sécherheet bei anere Streckenofschnëtter steet, wou den Zuch passéiert. An deem Kontext ass mir zougedroe ginn, datt och den Eisebunns-Viaduc tëscht Esch an dem Belval a méi engem kriteschen Zoustand ass an – eventuell – misst bautechnesch iwwerholl ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt de Viaduc tëscht Esch an dem Belval zäitno muss bautechnesch iwwerholl ginn?
2. Wa jo, wéi laang wäerten dës Aarbechten undaueren a wéi eng Konsequenze wäert dëst hunn fir d'Reesender an och fir de Gidderverkéier?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**